N°8331
Entrée le 20.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.09.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 19. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, un den Här Mëttelstandsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Bei der sozialer Ofsécherung vu Patronen – grad och am Hibléck op déi vergaange Covid-Pandemie – schéngen eng Rei Problemer ze bestoen. Esou ass mir zougedroe ginn, datt e Patron, deen en Horeca-Betrib féiert, an dee krankheetsbedéngt hätt misse fir eng gewëss Zäit zoumaachen, mat engem Berechnungsschlëssel entschiedegt gouf, deen sech op d'Duerchschnëttsgehalt vun deenen zwee Jore virdru bezitt. Well de Patron, covidbedéngt, awer déi zwee entspriechend Jore quasi kee Revenu hat, krut hien am Krankeschäi bal näischt ausbezuelt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung déi uewe beschriwwe Faite confirméieren?
2. Wa jo, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt e Patron, deen eng gewëss Zäit am Krankeschäi war, quasi kee Krankegeld kritt, well hie pandemiebedéngt jo déi zwee entspriechend Jore virdru keen Akommes hat?
3. Wéi gedenkt d'Regierung deem Mëssstand entgéintzewierken?
4. Kënnen d'Patronen, déi an deem nämmlechten oder an engem änleche Fall sinn, retroaktiv mat enger finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten